



De Laboratoire ass eppes, wat mer kennen, Service géologique ass eppes, wat mer kennen, Informatikservice gëtt och nei geërënt, dee sech ëm d'sämtlech Informatik soll bekëmmere. An dann zwou Neiegkeeten, déi am Règlement grand-ducal wäerte sinn an duerno och an d'Realitéit ëmgesat ginn, dat sinn d'Ateliers centraux, déi mer amgang sinn zu Bartreng ze bauen.

Haut ass et anescht wéi fréier. Haut si mer mat ganz grousser Technologie an de Ponts et Chaussées beschäftegt. Haut hu mer extrem vill Gefierer, déi mussen en Entretien hunn, en héich techneschen Entretien. Duerfir sinn déi Ateliers centraux do, déi zu Bartreng gebaut ginn, an dat wäert dann och zentral gëréiert ginn, well mer eis net méi capabel fillen, alles op alle Plazen ze maachen. Et ginn also an deenen eenzelne Services régionaux nach kleng Reparature gemaach an de Rescht vum Entretien wäert an Zukunft zentral gemaach ginn.

En aneren neie Punkt, deen och wichteg ass, dat ass, datt mer e Service vum „géomètre et de la photogrammétrie“ maachen. Wat huet dat als groussen Avantage? Mä et huet als groussen Avantage, datt dësen Text virgesäit, datt mer e Géomètre officiel kënnen an de Ponts et Chaussées hunn. Wat hëlleft dat eis? Mä dat hëlleft eis, datt mer déi ganz Emprisen, an dat ass fir d'Gemeenge wichteg, et ganz ausze-moose vun den Emprisen, an dee Moment och d'ganz Bezuelen, d'Ausbezu-ele vun de Leit, déi eis Emprisé verka-fen, och vill, vill méi schnell hoffentlech kënnen maachen an heiduerech och all déi Terrainsproblemer, déi mer heiansdo hunn, kënnen léisen.

Ech mengen, dat ass och e wesentleche Punkt, deen eis an der Praxis, an der Réalitéit wäert weiderhëllefen. Dat ass och selbstverständlech mam Kadaster ofgeschwat a mat hinnen duerchgekuckt.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren, well dat waren all déi Punkten, déi ech nach wollt zousätzlech soen.

## (Interruptions)

► **Mme le Président.**- Merci, Här Minister. Ech wollt och ënnersträichen, dass de Minister dat an där Zäit gemaach huet, déi fir d'Regierung zur Verfügung steet, nämlech, en huet manner wéi eng Véirelstonn gebraucht.

Domat ass d'Debatt ofgeschloss, a mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6014. Den Text steet am Document parlementaire 6014<sup>7</sup>.

## Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

Et wore 47 présent; et si 60 Stëmmen ofgi ginn. Jo: 44, Neen: 15 an 1 Abstention.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6014 est adopté par 43 voix pour, 16 voix contre et 1 abstention.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Félix Eischen), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Marcel Oberweis), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Martine Mergen);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Ont voté non: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Jean Huss), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch).

S'est abstenu: M. André Hoffmann.

Domat ass dee Projet ofgeschloss.

Wëllt deen ee seng Abstention motiveren?

## (Négation)

Neen, dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

## (Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Da kéime mer elo zum Projet de loi 6114 iwwert den Emissionshandel. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht, a wéi de Basismodell ass, mengen ech, géifen d'Deputéierte wëssen. Ageschriwwen sinn: den Här Berger an den Här Negri. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

## 5. 6114 - Projet de loi portant intégration des activités aériennes dans le système communautaire d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre et modifiant la loi modifiée du 23 décembre 2004

### 1) établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre

### 2) créant un fonds de financement des mécanismes de Kyoto

### 3) modifiant l'article 13 bis de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés

## Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Marcel Oberweis (CSV), rapporteur.**- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, de virleiende Projet de loi reit sech an d'Lutte géint de Klimawandel an, iwwert deen op dëser Plaz scho méifach geschwat ginn ass.

Mat dem Projet de loi gëtt d'europäesch Direktiv 2008/101 vum 19. November 2008, mat där déi europäesch Direktiv 2003/87 modifizéiert gëtt, an eist nationaalt Recht am Kader vun dem Kyoto-Protokoll ëmgesat. Mat dësem Schrëtt gëtt de Secteur vun der Aviatioun an den europäesche System vun dem Échange vu Quote bei den Dreifhausgasen integréiert. De Kyoto-Protokoll hat dee Secteur bis elo nach net abezunn, well en déi europäesch Fliegergesellschaften net wollt schiedegen, an dat finanziell.

Wéi ugedeit, reit sech dës Gesetzesprojet an den Objektiv vun de Vereenten Nationen an, Dreifhausgase massiv ze reduzéieren. Doduerch soll erreecht ginn, dass d'Temperatur vun der Atmosphär net méi wéi zwee Grad Celsius géintiwuer dem Niveau vun der preindustrieller Zäit, dat heescht 1769, erop soll klammen.

Dat geet awer nëmmen, wann all Länner op dësem Planéit sech eens sinn, d'Konzentratioun vun dem CO<sub>2</sub>-Equivalent op 450 ppm ze begrenzen. Maache mer eis awer näischt vir! Dat dierft net einfach sinn, dat hunn déi vergaange Jore bewisen.

An deem Zesummenhang huet d'Europäesch Kommissioun sech trotzdeem de But gesat, hir Emissionen ëm 20% bis 2020 géintiwuer 1990 ze reduzéieren, a souguer ëm 30%, wann déi aner Industrie-a Schwellelänner matmaachen.

## (M. Laurent Mosar reprend la présidence.)

An dës Reduktiionsaufgabe war de Secteur vun der Aviatioun, wéi gesot, net agebonnen. Deen huet sech awer an de leschten 20 Joer esou dynamesch entwéckelt, dass ee muss soen, dass all Efforten an den anere Secteuren, déi mer maachen, opgehuewe ginn duerch d'Aviatioun. Et kënnt zu kenger seriöser Reduktioun.

Et ass och festgestallt ginn, dass den Effet op de Klima duerch déi Emissionen aus der Aviatioun zweemol esou staark ass. Dat ass bedéngt duerch d'Stéckoxyder, de Waasserdamp, d'Aerosolen an d'Schwefel-particulen.

Aus dem leschte Rapport vun de Vereenten Nationen geet ervir, dass den Undeel vun den Dreifhausgasen aus dem Secteur Aviatioun hei am Lëtzebuerger Land vun 3% am Joer 1990, also virun 20 Joer, op 9% virun dräi Joer gewuess ass. Derniewent ass d'Zuel vun de Passagéier - klengen Detail am Rand - ëm 60% tëschent de Joren 1990 bis 2008 gewuess. An nach vill méi fulminant war den Tonnage am Fret-Geschäft. Do hu mer 856.000 Tonnen am Joer 2007 ëmgesat, en Uwuesse vu ronn 500% par rapport zu 1990. Also quasi hu mer a 17 Joer 500% an deem Beräich.

Dës europäesch Direktiv, déi als Copie conforme an nationaalt Recht haut ëmgesat soll ginn, wäert elo nei Weeër opzezeichnen. Fir de Marché awer net ze vill ze perturbéieren, ass festgehal ginn, dass de Secteur vun der Aviatioun an de 27 EU-Memberstaten eréischt ab dem Januar 2012 an de Reduktiounssystem erageholl gëtt. Mir hunn also nach Zäit, quasiment annerhalleft Joer, eis ze préparéieren. All Flich tëschent de Flughäfen, dat heescht Départen a Landungen an de Memberstaten ënnerleien dann deenen neien Emissionsreglementatiounen.

Et muss drop higewise ginn, dass déi zougestanen Emissionsquoten an der Aviatioun am Joer 2012 zum Deel gratis verdeelt ginn - dat wor och esou de Fall bei den aneren Industriepartnern -, awer nëmmen, derbäi muss ee soen, 97% vun der arithmetescher Moyenne aus de Joren 2004 bis 2006.

Hale mir awer fest, vun den zougestanene Quote ginn der 15% um Marché eersteet. D'Zuel vun de Quoten, déi Lëtzebuerg an der Stee zegutt huet, ass proportional dem Lëtzebuerger Undeel vun den Dreifhausgasemissionen aus der Aviatioun, déi an der Europäescher Unioun ausgestouss goufe fir onst Land.

Jiddwer Memberstat muss iwwert den Zweck vun de Revenuen aus där Quote-stee selwer entscheiden.

Et gëtt awer gefrot, se an der Lutte géint de Klimawandel anzesetzen. Si sollen der Entwécklung vun enger méi nohalterger Aviatioun déngen. All Memberstat muss der Europäescher Kommissioun duerfir och Rechenschaft ginn iwwert d'Verwendung vun dëse finanzielle Mëttelen.

Ons Regierung huet de 5. Juni 2009 festgehalen, dass déi finanziell Revenuen aus der Quotestee dem Kyoto-Fong zoufléisse mussen, esou wéi dat d'Gesetz vum 23. Dezember 2004 scho virgesinn hat. An der nächster Period vu fënnef Joer, dat heescht vun 2013 bis 2017, ginn dann déi zougestane Quote weider erofgesat, ab dem Joer 2013 nëmmen nach 95% vun der arithmetescher Moyenne, vun där ech geschwat hunn. An och an dëser Period mussen d'Fluggesellschaften sech erëm eng Kéier 15% op dem fräie Marché eersteën.

D'Europäesch Kommissioun hält sech awer d'Recht vir, de Wäert vun de 95% enger weiderer Revisioun ze ënnerzéien, fir eben dann d'Emission an der Aviatioun ze reduzéieren. Esou kann een déi Fluggesellschaften belounen, déi sech all Méi maachen, fir performant fliegen an den Déngscht ze setzen.

Well dës Direktiv sech domat ausernee-setzt, d'Dreifhausgasen aus der Aviatioun ze reduzéieren, muss all Fluggesellschaft, och déi am Land bei ons, dem Ministère de tutelle e Programm virleeën, aus deem ervirgeet, wellech Mesurë si ergräife wëllt, fir hir Emissionen ze reduzéieren. Dofir mussen d'Gesellschaft bis spéitestens den 30. Abrëll dem Ministère matdeelen, wat si mat deene gratis allouéierte Quoten aus dem Joer virdru gemaach hunn. Esou kann et zu enger strenger Kontroll kommen. Zousätzlech muss och matgedeelt ginn, wéi vill Quote si da fir dat Joer drop scho wëllen hunn.

Wa festgestallt gëtt, dass eng Fluggesellschaft méi Quote vun Dreifhausgase wéi erlaabt an d'Atmosphär ausgestouss huet, da muss se eng Amende dofir bezuelen, ganz nom Motto Polleur-payeur. Dës Amende bedréit 100 Euro pro Tonn CO<sub>2</sub>-

Equivalent. An do kéinte sech munch Sue beieneen addéieren. Et muss ervirgehuewe ginn, dass de Präis vun enger Quot, dat heescht enger Tonn CO<sub>2</sub>-Equivalent eng grouss Onbekannt ass hautdësdays, well dëst jo eng Funktioun ass vun der Politik an och vun dem Äerduelechpräis an de Joren 2013-2014. An am folgende Joer muss déi Fluggesellschaft dës iwwerschéseg Quote souguer dem Ministère erëmginn.

Et ass also relativ technesch, dat Ganz. Dëst kann esou wäit goen, dass e Memberstat d'Europäesch Kommissioun freet, eng Décisioun ze huelen, dass déi betreffend Fluggesellschaft kee Recht méi kritt ze fléien. Natierlech huet d'Fluggesellschaft d'Méiglechkeet, fir Observatiounen schrëftlech ze ënnerbreeden, firwat et dann esou wäit komm ass.

D'Direktiv hält och fest, dass den Emissionsystem regelméisseg kontrolléiert gëtt, well een eraus wëllt fannen, ob et eventuell Fluggesellschaften gëtt, déi sech delokaliséieren wëllen, fir an anere Länner da Profit ze zéien.

Ee wichtige Punkt an der Direktiv ass sécherlech och d'Kreatioun vun enger Réserve spéciale vum Joer 2013 un. Vun 2013 u mussen 3% vun de Quoten an dës Reserv hannerluecht ginn. Dës Quote kënnen enger neier Fluggesellschaft déngen, op de Marché ze kommen, oder enger Gesellschaft hëllefen, déi ebe méi dynamesch ass, well se méi flitt a méi Tonnagë féiert, an dat mussen awer iwwer 18% pro Joer sinn.

Keng Fluggesellschaft kritt awer méi wéi eng Millioun Tonnen am Joer zougestanen. Dës Reserv kann ënner Émstänn bei der Revisioun vun der Direktiv ofgeschaaft ginn. Wann d'Aviatioun an den Emissionshandel integréiert gëtt, da kënnen Fluggesellschaften genau wéi d'Industriepartner och vun de flexible Mechanismen aus dem Kyoto-Protokoll - dat sinn „joint implementation“ an den CDM - zréckgräifen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat elo d'Avisen ubelaangt, esou huet d'Chambre de Commerce drop higewisen, dass déi lëtzebuergesch Fluggesellschaften, vu hiren Impacts économiques, méi staark exposéiert wäer wéi déi an anere Länner. Si bedauert duerfir, dass deene Lëtzebuerger Spezifiséitëten net genuch Rechnung gedroe ginn ass bei der Ausaarbechtung vun dëser Direktiv. Esou muss ee feststellen, dass d'Aviatioun an den europäesche Länner fir ronn 3% bei den Dreifhausgase mat bedeelegt ass, um Weltplang nëmmen 2%, bei ons awer 9% - dat war fir d'Joer 2007. D'Chambre des Métiers ënnerstëtzt zwar d'Démarchen hei an huet weider keng Objektiounen ze maachen.

Zum Schluss vun dësem dach méi technesche Gesetzesprojet wëll ech ënnersträichen, dass dës Gesetzesprojet ee weidere Meilesteen ass op deem nohalterge Wee, mat deem mir d'Vernetzung tëschent de wirtschaftlechen Aspekter an dem Ëmweltschutz engersäits an dem soziale Volet virundreiwe wëllen.

Dierf ech d'Chambre dofir bieten, dës Gestzesprojet ze stëmmen? An der Kommissioun vun der nohalterger Entwécklung ass de Rapport eestëmmeg ugeholl ginn. Den Accord vun der CSV-Fraktioun, déi sech, Dir wësst et jo, fir eng méi nohaltege Wirtschafts- a Gesellschaftsform asetzt, där hiren Accord bréngen ech an, a soe Merci fir d'Nolauschteren.

## ► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Rapporteur Marcel Oberweis.

## (Interruption et hilarité)

Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Eugène Berger agedroen.

## Discussion générale

► **M. Eugène Berger (DP).**- Merci, Här President, datt ech d'Wuert kréien. Ech wäert och ganz kuerz sinn.

## ► Plusieurs voix.- Très bien!





► **M. Eugène Berger** (DP).- Ech wollt just nach eng Kéier rappeléieren, datt dëse Projet, dee situéiert sech jo an déi ganz Efforten, fir an deem grouss Kader vum Klimaschutz, dat heescht vill méi och eng grouss Eraufuerderung, déi dat fir eis ass, de Klimaschutz. An dat heescht jo, wa mer Klimaschutz soen, heescht et virun allem CO<sub>2</sub>-Emissiounen ze reduzéieren.

Mir hunn den internationalen Accord, de Kyoto-Protokoll, wou jo eng Rei juristesche contrainant Ziler ageschriwwen gi sinn, wou eng Rei Länner op der Welt sech mussen drunner halen. Et ass awer esou, datt am Kyoto-Protokoll d'Emissiounen vum de Fligeren, déi awer e wichtege Deel vum CO<sub>2</sub>-Rejet ausmaachen, datt déi net an deem Protokoll abegraff sinn. An et ass jo och esou, datt nach Diskussiounen sinn, fir en Nofolger-Protokoll vum No-Kyoto auszeschaffen. Ënner anerem wäerten elo Enn des Joers zu Cancún dann do vläicht Neel mat Käpp gemaach ginn. An et ass och ze hoffen, datt dann an deem Accord, wann en zustane kënn, och géifen d'Emissiounen vum de Fligere mat abezu ginn.

Europa, déi säit Laangem, ech géif soe praktesch vun Ufank un, ëmmer de Lead an dem Klimaschutzdossier haten, sinn awer schonn e Schrëtt méi wäit gaangen. Se hunn net déi international Diskussiounen, Konferenzen ofgewart, a si hunn also elo, d'Kommissioun huet hei eng Direktiv virgeluecht, fir dann och d'Fligeremissioune mat anzebezielen an de Quotenhandel.

Ech wëll einfach hei soen, datt mer deem Prinzip kënnen zoustëmmen, well och d'Demokratesch Partei an hirem Wahlprogramm déi Propos gemaach hat. Mir kënnen also där Direktiv zoustëmmen; mir kënnen och also deem Projet de loi hei zoustëmmen.

Ech wëll och soen, datt déi Ängschten, déi jo nach bestinn, datt doduerj eventuell Wettbewerbsnodeeler géifen entstoën, ënner anerem fir d'Europäer, datt een déi net ka gëlle loosse, well jo ënner anerem och déi Fligeren aus zum Beispill Amerika, aus Asien, alleguerten, déi hei op den europäesche Flughäfen landen, datt déi jo dann automatesch mat abezu ginn an déi Direktiv praktesch, an dee Quotenhandel, datt dat also och e positiven Aspekt ass, well mer awer duerch eng europäesch Direktiv praktesch global hei op eng gewëss Aart a Weis agéieren. Ech wollt dat eigentlech ervirsträichen.

Ech mengen, ech ginn net an d'Detailer an, ech wëllt dem Rapporteur einfach Merci soe fir deen ausféierleche Rapport, deen e gemaach huet.

Vläicht eng, zwou Remarquen zum Schluss. Wat vläicht e bësse bedauerlech ass, mä et ass awer elo net d'Schold vun der Regierung oder vun der Kommissioun: Et konnten nach keng ganz kloer Zuele virgeluecht ginn, wat dat fir déi Lëtzebuergesch Fluggesellschaften bedeit, well do nach d'Kommissioun muss déi eng oder aner Rechnungen maachen. Et wär jo awer interessant gewiescht, et wär gutt gewiescht, wann ee genau gewusst hätt, wann ee virun allem fir d'Luxair oder d'Cargolux hei hätt kënnen soen, dat bedeit an Zukunft esou vill Emissiounen manner, respektiv och finanziell, wat dat eventuell fir déi Gesellschaften kéint bedeiten.

E leschte Punkt, deen ech ëmmer erëm soen, wann nei Direktive kommen: Am Domän vum Environnement muss een och bedenken, datt dann nei Aufgaben op d'Verwaltungen zoukommen, an ee sech also och bewosst muss sinn, datt hei eventuell an Zukunft och zousätzleche Personalbesoin usteet, fir dann all déi Direktiven och am Klimaschutzberäich kënnen hei zu Lëtzebuerg effizient ëmzesetzen.

Ech soen lech Merci a brénge wéi gesot den Accord och vu menger Fraktioun zu dësem Projet.

► **M. le Président.**- A Merci och dem Här Berger. Als nächste Riedner ass den Här Negri agedroen. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Une voix.**- Très bien, Här Berger!

► **M. Roger Negri** (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Éischt wëll ech dem Rapporteur Marcel Oberweis Merci soe fir seng gutt an ausféierlech Rapporten. Et ass absolut richtig, dass de Flugverkéier mat agebonne gëtt an den europäeschen Emissiounshandel. Generell huet den Transport e groussen Undeel um Verbrauch vum de fossilen Energien, an et ass e wichtege Facteur, wann et ëm den Afloss vum Mënsch op de Klimawandel geet.

Mir hunn eis souwuel um internationale wéi um nationalen Niveau verbindlech Ziler gesat, fir d'Emissiounen vum Zäregaser ze reduzéieren. Den Emissiounshandel ass dobäi en Instrument, dat et erlabe soll, an engem geregelte Kader no an no den Drock ze erhéien op d'Secteuren, déi héich Emissiounen hunn.

Et gëtt kee Grond, fir de Flugverkéier aus esou engem System erauszeklamieren. Wéi héich den Impakt vum Flugverkéier op de Klimawandel par rapport zu anere mënschlechen Aktivitéiten ass, ass net sécher. D'Schätzungen dozou, déi ginn ausernee. Sécher ass awer, dass de Flugverkéier an deene leschte Jorzingen enorm zougeholl huet a wahrscheinlech am selwechte Rhythmus weider wuesse wäert.

Um europäesche Plang goufe grouss Ustrengungen ënnerholl, fir d'Emissiounen vum den Zäregaser ze reduzéieren. Mir wëssen, dass d'Ziler, déi sech d'Europäesch Unioun gesat huet, eleng net wäerten duergoen, fir de Klimawandel an erdréigleche Grenzen ze halen. Doriwwer erass risikéier mer och, dës Ziler net ze erreechen. An deem Kontext kann een net einfach akzeptéieren, dass e Sektour mat staarkem Wuesstum wéi de Flugverkéier d'Efforten, déi mer an anere Beräicher maachen, esou ausgläicht, dass mer um Enn kee Fortschritt erreecht hunn.

Et ass bedauerlech, dass mer et net fäerdeg bruecht hunn, e weltwäiten Accord ze fannen, wat d'Emissiounsrechter fir de Flugverkéier ugeet. Et ass richtig, dass d'Europäesch Unioun och ouni en Accord deen éischte Schrëtt awer elo an déi do Richtung mécht.

De Fait, dass d'EU dëse Schrëtt als Éischt mécht, bréngt natierlech op där anerer Säit och ekonomesch Risikoe mat sech. D'Konsequenze vun der neier Regelung muss ee genau evaluéieren. Et dierf net zu Wettbewerbsverzerrungen an der EU kommen, an et muss een och am A behalen, ob den Emissiounshandel Delokalisierung mat sech bréngt.

Den Emissiounshandel soll d'Flugesellschaft belounen, déi a modern energieeffizient Technologien investéieren, an net dozou féieren, dass déi pollutant Fligeren op Flughäfen ofwandere, déi ausserhalb vun den EU-Grenzen operéieren. Et muss een d'Auswirkunge vun der Emissiounshandelspolitik genau iwwerwaachen a gegebenenfalls änneren, wann et net zu deene gewünschte Resultater hei kënn.

Här President, wa mer de Wuesstumstrend am Sektour vun der Aviatioun net wëlle bremsen, da mussen all eis Effort sech drop ausrichten, dass méiglechst energieeffizient modern Fligeren an den Asaz kommen. Domat léisst sech den Impakt vum Flugverkéier op de Klimawandel zwar reduzéieren, mä ob dat duergeet als Bäitrag zu eise Reduktiounsziler, steet op engem anere Blat.

Här President, als Konklusioun wëll ech festhalen, dass d'LSAP et begreist, dass de Flugverkéier an den Handel mat den Emissiounsquoten agebonne gëtt. Ob dësen éischte Schrëtt um Enn wierklech dozou bäidreit, fir de Klimawandel ze bekämpfen, wäert vum politesche Wëllen ofhänken, vum politesche Wëllen an Europa, eng Virreideroll ze iwwerhuelen, a vum politesche Wëlle vun anere Länner, fir mat an d'Klimaboot eranzeklammen.

Domat ginn ech den Accord zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Negri. Ech hunn elo kee Riedner méi, deen ageschriwwen ass, da kritt nach den Nohaltegkeetsminster d'Wuert.

► **M. Claude Wiseler**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*-

Merci, Här President, just ganz kuerz och, fir dem Rapporteur an der Kommissioun Merci ze soe fir déi gutt Aarbecht, déi hei geleescht ginn ass. An ech si frou, datt mer esou eng grouss Zoustëmmung fir dësen Text hunn.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Nohaltegkeetsminister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6114 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Jean-Louis Schiltz), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Jean-Paul Schaaf);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Lydie Err);*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer (par Mme Anne Brasseur) et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;*

*M. André Hoffmann.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.

Elo komme mer zum Projet de loi 6056 iwwert d'Fluglotsen. D'Riedezäit ass och hei nom Basismodell festgeluecht, an et huet sech bis elo just ageschriwwen den Här Kartheiser. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

## 6. 6056 - Projet de loi relative aux licences des contrôleurs de la circulation aérienne et transposant la directive 2006/23/CE du 5 avril 2006 du Parlement européen et du Conseil concernant une licence communautaire de contrôleur de la circulation aérienne

**Rapport de la Commission du Développement durable**

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee mam Auto queesch duerch Europa fiert, mat Ausnahm vum Diddeleng fënnt een néierens méi eng Douane, wou een ugehale gëtt a wou moies esou e Stau ass oder owes e Stau ass. Fiert een awer mam Fliger, esou ass dat e bëssen anescht, well fir de Loftraum, wann ee vu Lëtzebuerg op Roum flitt, ass all Kéiers eng aner Kontrollanstalt zoustänneg fir déi Loftauto-bunnen, déi mer hunn. Mä dat wiesselt all Kéiers vun der nationaler Kompetenz, an do muss ee sech all Kéiers of- respektiv umellen, wann een op en anert Land, en aneren Territoire erakënn. Duerfir ass et och wichtig, dass mer et fäerdeg bréngen, en eenheetlecht europäesch Loftfahrt-konzept ze kréien.

Wéi Der wësst, koordinéiert ëmmer déi jeeweileg Flugsécherung d'Bewegungen

um Himmel. Duerfir huet och all Land an dësem Beräich seng eege Regeln a Prozeduren. Dat gëllt och fir d'Fluglotsen, déi derfir suergen, dass d'Fligeren um Himmel bleiwen an dass se net grad do Accidenter kréien.

Dës Strukturen iwwert d'Gestioun am europäesche Loftraum sinn awer net méi zäitgeméiss. D'Europäesch Unioun huet dat och erkannt an 2004 beschloss, en eenheetlechen europäesche Loftraum ze schafen, mam Zil, d'Sécherheet vum Loftfahrtverkéier souwéi d'Kompetenze vun de Leit, déi an dësem Beräich schaffen, ze verbesseren.

Zur Ëmsetzung vum eenheetleche Loftraum gehéiert och d'Aféiere vun enger europäescher Fluglotselizenz. D'Schafe vun esou enger Lizenz ass den Objet vun der Direktiv 2006/23/CE vum 5. Abrëll 2006, déi mir haut de Mëtteg oder besser gesot haut den Owend duerch dëst Gesetz, wat nach vun der viregter Regierung kuerz virun de Wahlen déposiert gouf, an nationaalt Recht ëmsetzen. D'Direktiv couvréiert all Fluglotsen; och déi, déi am Stage sinn.

Fir déi beschränkleg Sécherheets-niveauen an der Loftfahrt ze erreechen, ass et wichtig, dass souwuel d'Zougangs- wéi och d'Ausübungsbestëmmunge vum Beruff vun de Fluglotsen um europäeschen Niveau harmoniséiert ginn. D'Festleeë vun de Kompetenznormen an déi géigesäiteg Unerkennung vun de Fluglizenzen an der ganzer Unioun verbesseren zousätzlech d'Zirkulatioun an d'Disponibilitéit vun de Fluglotsen. Ausserdeem dréit déi europäesch Fluglotselizenz dozou bäi, d'Zersplitterung vum europäesche Loftraum an dësem Beräich ze reduzéieren.

De virleiende Gesetzestext fixéiert d'Prinzipien, déi d'Ausstellen, de Maintien, d'Anzéien an d'Suspendéierung vun de Fluglotselizenzen an de Stagiaireslizenzen regelen. E berout op deene bestehenden Normen vun der Organisatioun vun der Aviation civile internationale, der OACI, an de Bestëmmunge vun Eurocontrol. Déi international an europäesch Exigenzen a Saache Fluglotselizenz gi mat dësem Gesetz an nationaalt Recht ëmgesat.

Zu Lëtzebuerg ass et d'Administration de la Navigation aérienne, déi d'Fluglotse beschäftigt. D'Formatioun gëtt vum Institut for Air Navigation Services assuréiert. Si gi vun der Direction vun der Aviation civile, der DAC, iwwerwaacht. D'DAC ass am Kader vun der Ëmsetzung vum eenheetlechen europäesche Loftraum schonn am Joer 2005 als déi national Iwwerwachungsautoritéit designéiert ginn. Si ass et och, déi d'Kompetenz besetzt, fir Lizenzen auszustellen, ze refuséiere respektiv anzezielen. Och ass dat déi Autoritéit, déi sech mat der Homologation vun de Formatiounsorganismen an hire Programme befaasst. D'Detailer vun dësen Dispositiounen kënn Dir a mengem schrëftleche Rapport noliesen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Ëmsetze vun dësem Gesetz ass urgent, well de Lëtzebuerger Stat schonns den 22. Juli 2008 eng Mise en demeure vun der Kommissioun wéinst Netëmsetze vun der Direktiv krut.

**(Interruption)**

Zu dëser Mise en demeure kounn dunn den 23. November 2009 och nach en Avis motivé, sou dass mir Gefor lafen, kuerzfristeg finanziell Sanktiounen operluecht ze kréien.

**(Interruption et hilarité)**

Wollt Der eppes soen, Här Bettel?

**(Interruption)**

► **M. Xavier Bettel** (DP).- ...ech stelle just fest, Här Spautz.

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur.*- Ah. Ech wëll dann den Här Bettel nach aschreiwen, Här President. Hie wollt eppes soen.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Ech stelle just fest,...

► **M. le Président.**- Här Spautz, loosst lech net aus der Rou brénge vum Här Bettel! Fuert elo emol virun!

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur.*- Scho guer net vum Här Bettel, okay.